# Eng Zeitung mat Charme

*Den Holtzbrinck-Verlag verkeeft den* **Tagesspiegel**. *Dat wor d'Neiegkeet, déi den 29. September fir Opreegung an däitsche Pressekreeser gesuergt huet. Dobäi war et genee dat, wat hier Konkurrenten an am speziellen dat däitscht Kartellamt zanter Méint vum Stuttgarter Mediëgrupp gefuedert hun. Nëmme jhust: Domadder as et de Proprietären vun Zeitunge wéi dem* **Handelsblatt** *an der Wocheschrëft* **Die Zeit** *nees nët gelongen, hier Kritiker ze berouegen.*

Romain Kohn

Et war e gellechen Iwwerraschungscoup, mat deem den Holtzbrinck-Verlag probéiert huet, eng Investitioun vu ronn 200 Milliounen Euro dach nach ze retten. Dat as de Präis, deen déi Stuttgarter Medienholding fir d'*Berliner Zeitung* an de *Berliner Kurier* op den Dësch gebliedert huet. Leider huet dat däitscht Kartellamt bei dësem Deal tëscht Holtzbrinck a Bertelsmann nët matgespillt. D'Konzentratiounswiechter wollten dësem Geschäft nëmmen dann hiere Sege gin, wann déi Stuttgarter hier aner Berliner Zeitung, den *Tagesspiegel*, géife verkafen.

Mee dat war genee de Contraire vun deem, wat Holtzbrinck wëlles hat. D'Mediëmanager wollte béid Blieder fusionéieren, fir duerch gemeinsam kommerziell Aktivitéiten den Defizit vum *Tagesspiegel* ze reduzéieren. An deene gudd zéng Joer, zanter deenen hinnen dës qualitéitsorientéiert Haaptstadzeitung mat iwwerregionalem Charme, wéi hiere Chefredakter Giovanni di Lorenzo gäere seet, gehéiert, hu si eng 75 Milliounen Euro misse bäileën. Dat as quasi de Bénéfice, deen de Konzern d'lescht Joer gemaach huet – bei engem weltwäiden Ëmsaz vun 2,2 Milliarden Euro.

Néirens besteet an Däitschland méi Konkurrenz tëscht den Dageszeitunge wéi zu Berlin. Alles an allem gin d'Tiragen an de Revenu aus der Publicitéit zeréck. D'*Süddeutsche Zeitung* an d'*Frankfurter Allgemeine* hun alle béid missen hier Berliner Säiten aus Käschtegrënn zoumaachen. Den héchsten Tirage an der däitscher Haaptstad an am Land Brandenburg huet mat iwwert 220.000 Exemplären d'Boulevardsblat *BZ*, dat genee wéi d'*Berliner Morgenpost* dem Springer-Verlag gehéiert. Dat selwecht gëlt fir d'*Welt* an d'*Bild*, mee béid Organer gin zu der iwwerregionaler Presse gezielt a spillen deemno keng Roll an de Kalkulatioune vum Kartellamt. Déi gréissten Abonnementszeitung as d'*Berliner Zeitung*, déi hiert meescht Lieser am Osten huet. Da kommen d'*Berliner Morgenpost* an den *Tagesspiegel*, déi alle béid an éischter Linn am Weste kaaft gin.

**An enger zweeter Phase plangt d'Bundesreejhirung d'Kartellbestëmmungen am Beräich vun der Mediëkonzentratioun méi labber ze maachen.**

D'Konkurrenzwiechter hu gefaart, Holtzbrinck kréich eng dominant Positioun um Marché vun den Abonnementsblieder, wann de Grupp gläichzäiteg den *Tagesspiegel* an d'*Berliner Zeitung*, aus däer den Erich Böhme mol eng Kéier d'*Washington Post* vun der Spree wollt maachen, géif kontrolléieren. Doropshin hun déi Stuttgarter Mediëmanager beim Wirtschaftsminister Wolfgang Clement eng ausseruerdentlech Autorisatioun ugefrot. D'Reaktioun vum Springer-Verlag, deen d'*Berliner Morgenpost* an d'*Welt* redaktionell schon deelweis matenee fusionéiert huet, war sec: an deem Fall géif hie séng Blieder zoumaachen. Deen nemmlechten Erpressungsversuch huet den Holtzbrinck-Verlag direkt hannendrop lancéiert. Mat dem Resultat, datt de Minister Clement d'Stuttgarter opgefuedert huet, selwer e Keefer fir den *Tagesspiegel* ze fannen.

Den Hambuerger Bauer-Verlag huet sech gemellt. Séng Offer: 20 Milliounen Euro an eng Bestandsgarantie vun 20 Joer. Nët nëmmen huet Holtzbrinck nët ugebass; virun allem huet d'Redaktioun vum *Tagesspiegel* massiv géint den Editeur vu Blieder wéi *Bravo* an *TV-Movie* gemeutert. Well déi Stuttgarter engersäits keen Interessent konnten oder, wéi vill Observateure mengen, *wollte* fannen, an anerersäits de Minister Clement de Bréif mat engem definitiven Nee prett um Büro leien hat, huet eppes misse geschéien. A kuck een un, et huet sech iwwer Nuecht e Keefer fonnt. E Präis gouf nët genannt, an eng laangfristeg Bestandsgarantie gët et och nët; duerfir as de Keefer bei Holtzbrinck gudd bekannt, esouguer ganz gudd bekannt.

De gebiertege Belsch Pierre Gerckens schafft zanter 35 Joer fir de Grupp an as virun allem um Succès vum *Handelsblatt* bedeelegt. Sollt d'Kartellamt iere mat dem Keefer d'accord sin, dann däerfen déi Stuttgarter d'*Berliner Zeitung* an de *Berliner Kurier* vu Bertelsmann iwwerhuelen – an enger *éischter* Phase. An enger zweeter Phase plangt d'Bundesreejhirung d'Kartellbestëmmungen am Beräich vun der Mediëkonzentratioun méi labber ze maachen, eventuell scho bis den 1. Mee d'nächst Joer. A wann dann de Pierre Gerckens den *Tagesspiegel* nees un Holtzbrinck géif zeréckverkafen, esou richteg wonnere géif dat keen.

*(Fräie Micro um radio 100,7 vum 1. Oktober 2003)*